N° 7601
Entrée le 15.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

De 15. Februar 2023 gouf am *Tageblatt* en Artikel veréffentlecht mam Titel "Wie ein Behörden-Formular einen Deutschen zwei Jahre früher in den Vorruhestand schickt". Aus dem Artikel geet ervir, dass säit 2022 däitsch Aarbechter·innen, déi an Däitschland studéiert hunn oder do eng Ausbildung absolvéiert hunn, hier Formatiounsjoren anescht fir hier Pensioun ugerechent kréien, wéi déi lëtzebuergesch Gesetzgebung et virgesäit. Grond fir dës Diskrepanz soll en neie Formular si mam Numm P5000. Duerch dëse Formular gi Versécherungszäiten aus dem EU-Ausland ëmmer dann zu Lëtzebuerg als Pflichtversécherungszäiten unerkannt, wann dës vum Versécherungsland esou bewäert ginn. Wann also z. B. déi däitsch Gesetzgebung d'Studiejoren als Pflichtversécherungszäiten unerkennt, ginn dës Jore fir eng Persoun aus Däitschland och zu Lëtzebuerg als solch unerkannt - an dat ganz onofhängeg dovun, dass zu Lëtzebuerg d'Studiejoren eigentlech just als Ergänzungszäite betruecht ginn. Well d'Ergänzungszäiten an d'Pflichtversécherungszäiten anescht an d'Berechnung vum Rentenantrëttsalter afléissen, kann et dofir elo sinn, dass hei zu Lëtzebuerg déi eng Mataarbechter·innen éischter wéi déi aner a Pensioun goe kënnen, je nodeem wéi eng Nationalitéit si hunn a wou si studéiert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. War dem Minister 2022 bewosst, dass mam Formular P5000 Ongläichheeten beim Rentenantrëttsalter entstoe géifen?
2. Ass de Minister der Meenung, dass d'Ongläichheeten, déi déi aktuell Reegelung mat sech bréngt, konform sinn mat der nationaler an europäescher Gesetzgebung bezüglech der Net-Diskriminéierung opgrond vun der Nationalitéit?
3. Ass eng Harmoniséierung vun de Reegele fir d'Berechnung vum Rentenantrëttsalter mat den Nopeschlänner geplangt?

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement